Procès-verbal vun der Assemblée Générale vum 08 Oktober 2009

D'Présidentin huet déi dësjahreg Assemblée Générale ageleet, an dem se Membren vun der APEEP, d'Elteren, Vertrieder vun der Gemeng, dem Léierpersonal an der Maison Relais begréisst huet. Madame Mathias huet kuurz d'Ennerungen déi Gesetz vun der Ecole fondamentale mat sech brengt ugeschwaat an dorob hingewiesen dat sech dest net op d'Bestehen vun der d'APEEP Lëntgen asbl auswirkt.

An der Versammlung vum 30 September 2009, huet de Comité Madame Nadine Huss-Flammang, op hiren Wonsch hin, vun hiren Fonktiounen als Sekretärin vun der Apeep Lintgen asbl entbonnen. Releve geet un Madame Sandra Scholer-Hoffmann.

Bericht iwwer ons Aktivitäten an geleschten Ennerstëtzungen fir Schouljoer 2008-2009

Mir hun ob der Krëschtféier vum 11 Dezember 2008 Glühwein, Kaffi an Kuch verkaaf an 2 Bastel-Atelier'en ugebueden.

No der Missionsdaag-Mass, den 14. Februar, hun mir waarme Fare Trade Schoki verkaaf.

17 Kanner zweschen 6 an 8 Joër hun um 1. Hellefkur fir Kanner, deen mir fir den 10., 15. an 24 Januar jeweils fir 2 Stonnen organiséiert haten, deelgeholl. Offgehaalen gouf den Cours vun der Madame Schwartz. Den Highlite wor selbstverständlech d'Virstellung an Erklärungen vun der Ambulance déi ons frëndlecherweis vun de Fréiwellegen Pompjeen vu Lëntgen offréiert goufen.

Well dese Cours een immens positiven Zousproch krutt, wollten mir next Joer erem een 1. Hellefcours ofhaalen, awer des Kéier fir d'Kanner zweschen 9 an 12 Joër.

Onsen Kanner-Spektakel, vu Samsdes den 21 März 2009, wor des Kéier eng Virstellung vum Clowntheater Knull, déi eng Produktion vum Clowntheater Rosina & Babo ass.

Um Schoulsportsdag deen den 02 Abrëll 2009 stattfond hat, hun mir de Kanner Breidecher an Uebst offréi'ert

Wéi all Joër, hun mir bei der Collecte vun der Croix-Rouge matgemeet.

An der Biicherwoch vum 27 März bis den 30 Abrëll, hun mir nierwt dem Op-an Offriichten, de Verkaaf vun de Biicher iwwerholl. Des weideren hun mir muerges no der Liesnuecht de Kanner an der cantine eppes z'iessen an ze drënken offréi'ert.

Fir d'Kommunioun krutten Kanner ons traditionnell Füllfieder a Bic geschenkt

De 17. Juni, hun mir, am Kader vun der Coupe Scolaire, Kontroll op de Pisten gemâ.

Lëscht Joër hun mir Primairschoul mat engem Don beglëckt. Dëst Joër wor Spillschoul un der Reih, a Form vun enger Këscht voll Märechersbiicher.

Als Offschloss, haten mir ons Schoulfest, den 10. Juli 2009, wat erem e groussen Erfoleg wor, offgehaalen.

Fir déi eenzel Aktivitäten ze organiséieren, huet de Comité sech 7 mol dest Joër getraff. Ausserdem, hun mir ons Statuten aktualiséiert a beim Registre de commerce eragin. Mir weisen dorober hin dass ons Statuten conform sin mat den aktuellen Gesetzer.

Virgesi fir dat lafend Joër sin, niwent den traditionnellen Evenementer wéi

Onsen Kannerspektakel am Fréijoer,

Kommunionskado fir Kanner vum 3. Schouljoër

An ons Schoulfest

D'Arriichten vun enger eegener Website an een 1. Hellefcours fir d'Kanner vun 8-12 Joer. Ausserdem waerten mir och bei denen déi ons em Hellef froen aktif eng Hand mat upacken.

Wat mir soss nach am laaf vum Joër maan, gitt dir op onser Website gewuer, déi mir hoffentlech sou schnell wéi méilech un d'goen kréien.

Keesebericht

Ons Caissière huet de Bilan vum Excercise 2008/2009 presentéiert.

Recetten : 3621,34 EUR

Dépensen : 1926,29 EUR

Am Ganzen hun mir e Boni vun 1695,05 EUR am laaf vum Excercise gemeet.

D' Réviseur de Caisse, Madame Goudenbour konnt leider net un der AG deelhuelen, huet awer Caisse kontrolléiert a via Proklamatioun hirt Averstaendniss offgin. Déi 2. Reviseur de Caisse, Mme Wolmering wor présent an huet och hirer seits besteetegt dass mat der Kees alles an der Réih ass. Déi 2 Damen sin bereet och next Joer Kees ze kontrolléieren.

De Comité

Niewwent dem agangs erwähnten Recktrett, aus perséinlechen Grënn vum Nadine Huss, huet de Comité an der Versammlung vum 30. September mat voix unanime beschloss:

D'Madame Lucia Christiansen aus dem Komité ze entlossen wengt hirem Emzoch an d'Aschoulung vun hiren Kanner zu Miersch.

D'Madame Josée Treinen aus dem Komité ze entlossen aus dem Grond dat hier Kanner net méih an der Ecole fondamentale vu Lëntgen ageschriwwen sin.

De Monsieur Artan Quevani aus dem Komité ze entlossen wengt Absence non-excusé während de gesamten Komitésréunion vun 2008-2009.

Ausserdem hun mir 2 Neizougäng a Form vun der

Madame Joëlle Jacoby-Knerr an der Madame Martina Simon-Hengemühle.

Ons Statuten lossen een maximum vun 13 Comitésmembren zou sou dass déi 2 néi membren ouni direkt Wahl opgeholl konnten gin.

Onsen aktuellen Comité besteet elo aus 9 Membren an zwar:

Mme MATHIAS-KINN Claudine, présidente

Mme OESTREICHER-CASTERMANNS Nicole, vice-présidente

Mme MULLER-LENTZ Sylvie, trésorier

Mme SCHOLER-HOFFMANN Sandra, secrétaire

Mme HEISTEN-NEU Jasmine, membre

Mme HESS-EIFFES Sonja, membre

Mme HOFFMANN-PROVOST Sandra, membre

Mme JACOBY-KNERR Joëlle, membre

Mme SIMON-HENGEMÜHLE Martina, membre

Divers

Present waren niwwent dem Comité, 2 Vertrieder vum conseil communal, de M. Marcel Decker an den M. Thierry Larsel. Mmes Miny a Gruber sou wéi och den Burgermeeschter den M. Wurth haten sech excuséiert.

Ausserdem hun den M. Tun Gruber als Vertrieder vum Léierpersonal an Mme Nathalie Thimmesch, Vertrieder vun der Maison relais un der AG deelgeholl.

Den M. Larsel huet, am Numm vum conseil communal, der APEEP hirt engagement ennerstraach, mam Wonsch dass d'association och weiderhin am Num vun de Kanner an den Elteren sou gudd Aarbecht soll leschten. Des

weideren huet hien den Embau vun der Maison relais erwähnt den dach méih déier gin ass wéi Ufangs geduecht. Mee dass Maison relais awer e groussen Succès wier wéi sech am Nachhinein erausgestallt huet. Bis ewell sin 150 Kanner ageschriwwen – wat net heescht dass déi och alleguerten all Dag d'Infrastruktur an Asproch huelen.

Den weideren ass den néien Schoulhaaff ugegeschwaat gin wou déi 2 éischt Baumossnahmen offgeschloss sin an den 3. Deel vun der Infrastrucure next Joer faerdeg waert gin.

Den M. Gruber, huet am Num vum gesamten Léierpersonal, der APEEP merci gesot vir hir Ennerstëtzung während dem leschten Schouljoer an d'Hoffnung ausgeschwaat dass och dat laafend Schouljoer, membren vun der APEEP bereet wieren déi eng oder anner Aktivität mat ze stéipen. Den M. Gruber huet d'Iwwerschneidung vun den Aufgaben déi APEEP mat denen vun den gewiehlten Elternvertrieder waerten hun ugeschwaat an ugedéit dass d'APEEP e gewessen strukturellen Virsprong huet.

Souwuehl de M. Larsel wéi och d'Mme Scholer hun dorober hingewiesen dass vir d'éischt emol Wiehl vun den Elternvertrieder, déi den 22. Oktober stattfennt, ofgewaard muss gin, virun dass een wéider Schrett an déi eng oder anner Richtung kann ennerhuelen. Mme Scholer huet allerdengs zougesechert dass d'APEEP souwuehl konstruktif wéi och kooperatif mat den gewiehlten Elternvertrieder well zesummen schaffen. D'Haaptziel bleiwen Zukonft an d'Wuehl vun de Kanner.

Schlussendlech huet Mme Thimmesch, als Vertrieder vun der Maison Relais Wuert ergraff. Si wéist op déi gudd Zesummenarbecht mat der Croix Rouge hin ennert derer Leedung Maison Relais steet. Un Spëtzdendeeg verzechnet Kantine wéi och d'Maison Relais eng Deelhuel vun bis zu 100 Kanner. Haaptsächlech sin Méindes, Mettwochs an Freides déi mescht Kanner agedroen. Allerdengs sin och Dennschdes an Donneschdes bis zu 45 Kanner fir d'Kantine an nach bis zu 35 Kanner fir nomettes present.

Durch den groussen Undrang – méih grouss wéi erwaard – feelt et nach un Infrastruktur. Descher a Still z.b. mussen nogeliwwert gin. Ausserdem muss den Schellsystem méih hard agestallt gin - well d'Schell oft hannen vum Gebéi net ze héieren ass - an se soll op den Telefon emstellbar gema gin.

Mme Thimmesch mescht een Appell un d'APEEP well d'Elternaarbecht fir d'Maison Relais enorm wichteg ass. Sou huet d'Maison Relais welles sech Freides virun enger Schoulvakanz eng Porte-ouverte fir d'Elteren vun 16°° bis 17°° ze maan wou d'Aarbechten an Aktivitäten mat de Kanner virgestallt gin. Et wier ze begréissen wann och d'APEEP sech do kéint matabrengen.

Wéi dat an Zukonft soll ausgesin an déi lescht Détailer dozou, wärt d'APEEP nach mat der Mme Thimmesch beschwätzen.

Secrétariat de l'APEEP Lintgen asbl
Email: saho@vo.lu
Adresse : 126 rte de Fischbach L-7447 Lintgen tel: 26 32 11 80